# März 1944

6685 G. K. F.

Dates de fabrication | Quantités fabriquées | Quantités | mise en stock

## TAMBOW. TAMбoф. Lager 188.

**21. 3 44** 67 Letzeburger waren der schon do, ech war Nummer 68
Metty Scholler vun Habscht war eise Chef, he war ä Schoulfrönn vu mer gebör 1922. He Kont d'Ingenieurschoul zu Esch/Alzig ferdig mächen, an hat schon zu Rodange MMR matt Schoffen ugefong. Zächebüro (ech hat gemengt he gef mer eng Plätz am Lager verschäfen. ....
Önner den aneren dé ech Kount hun war Larosche Josy, ä gudde Coureur (gebör 1920) hät vill matt Meyerse Rog a Kass Heng gewonn.
An aneren war Adam's Franz, Starschi (ЧАРШИ.) d. h den Elsten (gebör 1908) säi Popp war deitscher Ofstammung dat haten d'Preisen direct erous found, an ass och agezu ginn
De Kombel war, he war matt enger Cousine vu menger Mamm bestöd (Beby Regenwetter. d. h. dem Petter vu Vichten (Petter énzig d'Kond vu Müller-Stockelhaewen, sei Popp Müller Nicolaus gebör 25.8.1830 Vichten ass gestörwen wé de Petter 6 Joer hat also 1868) Peter Misch gebör 1862) Mamm fir zwät bestöd matt Arendt J. P. (1869) (1) Kond. Arendt Mamm.[1870] (2) Kond Marguerite[1871] hät ä Regenwetter vu Bissen bestöd, doraus ass ä Medchen Beby[1900] (Regenwetter) Koum ass matt Stoffel Albert bestöd gin. = Roost wo meng Mamm 1944 verstoppt war.
Än zwät Medchen (mariage Regenwetter-Arendt) Anna gebör 1909 ass mam Adams Fraunz[1908] bestöd ginn am Joer 1933. Dat war Adams Franz, vun him hätt ech vläicht niewe lâscht Kritt oder eng Plätz, et waren der genug do. Esou gät et wann ä seng Famill nitt Kent.
Jonge vum Land haten nitt vill do ze sichen, wöll dé ous de Stéd. zumol dé vun Diddeling Feller Vic (Fussballs Kinnek) Michoux Rém (Michoux Benn sei Brudder vun der Stade Diddeling) an esou weider, do war d'Sprachwurt wuer, wen den ieschte beim Weihwooser[Bröi] ass, s'ent sech fir d'iescht a bleiwt derbei setzen.
Dé op enger Plaatz waren, z. b Kichen, réfectoire, Produkten, Brodheisen [Bäckerei], Pilorama (de méconicien waren et waren der nömmen Zwéin, Tix vun Elwen ... , Holzmänner fir d'Kichen, dé männer bezöhlt (Zoppen) waren dé ous der Brotschna (Wäscherei, Police, de bei de Russe garde geschafft hun, Dódekommando.
Dann d'Sanitäter, esou epper, de hu gudd geliewt, wöll de richtig Krank waren, hu bäl neischt gies, dat war da fir soigneure. si Krüte Kaschas Käpp (Laroche Josi).
Trotzdem wó nömmen epör letzebërger do waren, hate si di bäschte Plaatzen.
Wät Kont dat mech dingen, ech war bäi den Obschi, (Schaffenden). ewer nitt lang.
Bâl all Nation vun der Welt war hei vertröden, Elsoss-Lothringer, epör dausend da 60 Franzósen, dé 1939 am Westerwald gent Preise gekricht häten, (Nämlich d'Franzosen haten ä Frendschaftspakt matt Polen önnerschriwen, wé do d'Preisen den 1. September 1939 a Polen agefa'l Sinn, si bei Diddenhöfen, Saarburg d'Franzosen epör Km an d'Saargebiet erä gang, ä bé do waren dé 60 Franzosen gefänge ginn, dann a Schweden ausgeliwert ginn dann am d'Sammellager 188 Tambow geland, an déme Joer waren der 3 gestörwen, bis de 15. Juli 1944 (1500 Franzosen bei den De Gaulle) waren der noch 30 Röscht.
Belscher (Eupen-Malmedy Zwangsrekruten,) och Degrelle Leon, belsch Freiwölliger, legion Walonne, legion Flamande, dé waren och Freiwöllig schon 1941. Italiener, Poloken Yougoslowen